N°3542
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3542 vum 27. Januar 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Michel Lemaire iwwert d'"Pollution des eaux liée au dégivrage à l'aéroport de Findel"**

1. **Zënter wéini ass der Regierung bekannt, datt Entäisungswaasser vum Flughafe Findel an déi ëmleiend Gewässer geréit a wéi eng Kontrolle goufen an dësem Zesummenhang bis elo duerchgefouert?**

Der Waasserverwaltung ass d'Ausmooss vum Impakt vun dëser Aleedung säit 2021 bekannt. D'modifizéiert Gesetz vum 22. Dezember 2004 iwwert d' "Mise en conformité de l'assainissement de l'Aéroport"[1] gesäit d'Moyenne fir den Ausbau an d'Verbesserung vum Ofwaasserreseau vum Flughafe vir. Säitdeem gëtt e festgesate Programm ëmgesat, an déi eenzel Elementer entspriechen dann och ëmmer deenen zum Zäitpunkt vun der Realisatioun gëltegen Ëmweltschutzgesetzer.

De Programm gesäit haaptsächlech eng Moderniséierung vum Ofwaasserreseau an der Reewaassergestioun mam Schafe vu Retentiounsbecken a Verbesserung vun de Kanalisatioune vir. D'Ofwaasser aus de Retentiounsbecken gëtt duerno op déi jeeweileg Kläranlage geleet: fir den Deel vum Flughafen, deen a Richtung Uelzecht entwässert, geet et op eng Kläranlag vun der Stad Lëtzebuerg; a fir den Deel, deen a Richtung Syr entwässert, gëtt d'Ofwaasser op d'Kläranlag zu Iwwersiren ofgeleet.

Konkret goufen, respektiv gi säit 2004, ënnert anerem follgend Elementer ëmgesat:

- Ëmbau vum Becken S1, deen uewerhalb vum Birelergronn am Anzuchsgebitt vun der Syr implantéiert ass: Réckhaltevolumen gouf vun 19 000 m$^3$ op 36 000 m$^3$ vergréissert (2008).
- Bau vum Becken S2 mat 9 500 m$^3$. Dëse Becken, dee bei de Parkinge P7 a P10 implantéiert ass, ass complementaire zum Becken S1 a gëtt aktuell nach fäerdeg equipéiert. Dëse Becke gëtt nach am Laf vum éischte Semester 2026 a Betrib geholl.
- Bau vun enger Kanalisatioun (S3) fir d'Reewaasser vun de Gebaier getrennt laanscht den "Tarmac" ofzeleeden (2007).
- Bau vun de Becken A2 an A3 (2009), déi ob der westlecher Säit implantéiert sinn, am Anzuchsgebitt vun der Uelzecht.
- Dës Weidere si nach d'Becken A1 an S5 an der Planung.
- Am Laf vun de Jore gi Kamerasinspektioune vum Reseau duerchgefouert an déi Sektiounen, déi an engem schlechten Zoustand sinn, ginn ersat.
- D'Entwässerung vun der Pist gouf moderniséiert.

Zousätzlech zu dësem Programm gesäit d'Gesetz vum 14. September 2018[2] de Finanzement vum Ausbau vun der Kläranlag Iwwersiren fir, well dës net déi néideg Kapazitéit huet a reegelméisseg iwwerlaascht ass . Dës Aarbechten, fir déi den interkommunale Syndikat SIDEST Bauhär ass, sinn am gaang.

[1] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2004/12/22/n2/jo.
[2] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/09/14/a853/jo .

Säit 2021 ass d'Waasserverwaltung a reegelméissegem Kontakt mat dem Bedreiwer vum Flughafen, fir dass déi néideg Moossnamen effizient ëmgesat ginn, fir d'Situatioun ze verbesseren an den Impakt op d'Gewässer ze reduzéieren.

**2. Hält d'Regierung dës Aleedunge vun Ofwässer fir konform mam nationalen Ëmweltrecht souwéi mat der EU-Waasserrahmerichtlinn a goufen am Fall vum Flughafebedreiwer Lux-Airport Oplagen oder Sanktioune verhaangen?**

Mir verweisen op d'Äntwert op d'Fro 1.

**3. Wéi eng konkret Moossnamen ergräift d'Regierung kuerzfristeg, fir weider Aleedungen ze verhënneren an de Schutz vum Naturschutzgebitt "Birelergronn" sécherzestellen, soulaang d'Ofwaasserinfrastruktur nach net genuch ausgebaut ass?**

D'Regierung setzt weiderhin de Programm vum Gesetz vum 22. Dezember 2004 ëm.

De Becken S2, deen een zousätzlecht Retentiounsvolumen vun 9 500 $m^3$ mat sech bréngt, gëtt fäerdeg equipéiert a soll nach am Laf vun dësem Semester a Betrib goen.

Aktuell ass och nach ee Projet um Becken S1 am Gaang. D'lescht Joer goufen déi ugesammelt Réckstänn gebotzt an eng éischt Inspektioun vun der Ofdichtungsmembran duerchgefouert. Dobäi goufen e puer Lächer identifizéiert a reparéiert. Fir dëst Joer sinn Ëmbauaarbechten um Auslafbauwierk virgesinn. Parallel dozou soll d'Membran am Detail kontrolléiert ginn.

Zënter dem leschte Joer ass e moderne Sprëtzcamion am Asaz, dee mat engem däitlech optiméierte Sprëtzbild zu engem reduzéierte Verbrauch vum "De icing" Produit op der Pist bäidréit. Parallel dozou hëlt de Fluchhafebedreiwer Lux Airport säit e puer Joer de Glycol, dee beim Entäisen vun de Fligeren op de Buedem geréit mat Kiermaschinne op, an transportéiert dësen a Containeren op verschidde Kläranlagen. Duerch dës Moossname gëtt d'Quantitéit u belaaschtem Waasser, déi an d'Kläranlag zu Iwwersiren ofgeleet gëtt, spierbar reduzéiert.

Weiderhi gëtt de gesamte Kanals-Reseau iwwerwaacht an ënnerhalen. Problemer ginn deemno esou séier wéi méiglech behuewen.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit